WOU D'SCOUTEN ZESUMME SIN

1. Wou d'Scouten zesumme sin,
do schéingt ëmmer d'Sonn,
Do gët et keng traureg Minn;
Si sangen a sprangen,
hun ëmmer gudde Mutt
A kenne keng flemmség Stonn.

Scout ze sin, o Jongen,
Jongen, dat as schéin
Scout ze sin,
dat as dat schéinste Gléck.

2. A kënnt dann den Dag,
wou op de Camping mir gin,
Hei kuckt dann, wéi blénken ons An,
Et méngt een, mir géingen
eng Rees ëm d'ganz Welt man,
Eng gréisser Freed ka keen ons man.

Scout ze sin, o Jongen,
Jongen, dat as schéin
Scout ze sin,
dat as dat schéinste Gléck.

3. Wat mir emol versprach hun,
dat hale mir och fest,
Do gët et fir ons blouss ee Wee.
De Mënschen ze hëllefen,
dozou di mir ons Bescht,
Mir wëlle kee Loun, 't as O.K.

Scout ze sin, o Jongen,
Jongen, dat as schéin
Scout ze sin,
dat as dat schéinste Gléck.